N°1476
Entrée le 10.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1476 vum 6. November 2024 vun den honorabelen Deputéierten Madamm Françoise Kemp an Här Charles Weiler.**

- *Wei vill Inseminatiounen hate mer an de Joren 2021, 2022, 2023?*

Et gëtt keen nationale Register iwwer d'Inseminatiounszyklen zu Lëtzebuerg.

Fir eng Inseminatioun muss Sperma an engem Laboratoire opbereet ginn. Dëst ka souwuel am Laboratoire vum Service national PMA, am Centre Hospitalier de Luxembourg (CHL), souwéi och an den Hôpitaux Robert Schuman (HRS), oder an engem private Labo am Land gemaach ginn. Duerno kann dann d'Inseminatioun vun all Gynekolog a senger Praxis oder och am Service national PMA duerch gefouert ginn.

D'Zuele vum Service national de Procréation médicalement assistée (PMA) si follgend :

| | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|
| Zykle mat Inseminatioun | 328 | 364 | 334 |

Laut Donnéeë vun der CNS fir d'Joeren 2021 bis 2023 sinn am Ganze follgend Akten ofgerechent ginn:

| Acte | Libellé | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|
| 6F11 | Hétéro-insémination artificielle | 918 | 796 | 733 |

- *Wei vill In Vitro Behandlunge gouf et an de Joren 2021, 2022, 2023?*

In Vitro Behandlunge ginn nëmmen am Service national PMA gemaach an hir Zuelen sinn also den Total fir d'Land.

Ënnert dem Begrëff "In vitro Behandlung" versteet ee souwuel d'Follikelpunktiounen (bei deenen d'Eezellen aus den Eeërstäck eraus geholl ginn), mat oder ouni Fröschtransfert, ewéi och déi nofollgend Krytotransferten (bei deenen gefrueren Embryo opgewiermt an d'Gebärmutter zeréck gesat ginn).

| | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|
| Total vun den Punktiounen | 642 | 619 | 648 |
| Total vun den Kryotransferten | 545 | 584 | 670 |

*- Wat waren d'Erfollegsquote bei den Inseminatiounen a bei den In Vitro Behandlungen?*

Inseminatioune kënnen entweder mat Partnersperma oder mat Spendersperma duerchgefouert ginn. Den Undeel un Zykle mat Spendersperma läit bei ongeféier 30% a betrëfft ee ganz anere Patienteprofil ewéi Inseminatioune mat Partnersperma (haaptsächlech jonk, homosexuell Fraen, ouni Fertilitéitsproblemer). Dëst muss ee bei den Erfollegsquoten ënnerscheeden.

Fir de Service national PMA, sinn d'Zuelen déi follgend:

| Joer 2023 (334 Inseminatiounen) | **Partnersperma** | **Spendersperma** |
|---|---|---|
| Schwangerschaftsquote pro Inseminatioun | 15.3% | 29.3% |

Bei den In Vitro Behandlunge läit den Undeel vun Zyklen mat Spendersperma ënner 10%, dofir ginn an der Tabell hei drënner global Erfollegsquote präsentéiert. Allerdéngs ass et wichteg, datt een déi no Altersklassen opdeelt, well d'Resultater mat zouhuelendem Alter vun der Fra ganz däitlech ofhuelen.

| Joer 2023 (1016 Transferten) | **All Altersklassen** | **≤ 35** | **36-40** | **≥ 41** |
|---|---|---|---|---|
| Schwangerschaftsquote pro Fréschtransfert | 35.6% | 45.9% | 32.8% | 26.1% |
| Schwangerschaftsquote pro Kryotransfert | 31.9% | 35.6% | 32.6% | 22.1% |
| Schwangerschaftsquote pro Transfert insgesamt | 33.2% | 38.5% | 32.7% | 23.8% |

Am Service national PMA mécht d'Altersklass ≤ 35 Joer därzäit 35% vun de Patientinnen aus.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*- Wat sinn d'Duerchschnettskäschte vun Inseminatiounen an In Vitro Behandlungen a wéi vill dovu gëtt vun der Gesondheetskeess iwwerholl?*

D'CNS iwwerhëlt d'Käschte fir eng In-Vitro-Fertiliséierung souwuel bei heterosexuelle Koppelen, Fraekoppelen wéi och elengstoende Fraen, ënner follgende Konditiounen:

- D'Folikelpunktioun muss virum 43. Gebuertsdag vun der Fra duerchgefouert ginn ;
- D'Onfruchtbarkeet däerf net op eng Sterilisatioun zeréck ze féiere sinn, weder beim Mann (Vasectomie), nach bei der Fra (Ligature tubaire).

Well verschidde Prestatiounen net vun der CNS en charge geholl ginn, wéi zum Beispill Kryoconservatioun, ass et schwéier den Undeel vun der Prise en charge par Rapport zum globale Coût ze evaluéieren.

Patientinnen, déi hir In Vitro Behandlung aus eegener Täsch bezuelen, oder vun enger anerer Krankekeess rembourséiert ginn (ca. 6% vun de Fäll), kréie vum CHL een Devis iwwer ronn 10 600 Euro. Dëse Montant deckt all Käschten of, ausser d'Medikamenter fir déi hormonell Stimulatioun vun den Eeërstäck.

Och d'Käschte fir eng Inseminatioun gi vun der CNS rembourséiert, woubäi et keng spezifesch Konditioune gëtt.

Patientinnen, déi hir Inseminatioun aus eegener Täsch bezuelen oder vun enger anerer Krankekeess rembourséiert ginn (ca. 5% vun de Fäll), kréie vum CHL een Devis iwwer ronn 1 300 Euro. Dëse Montant deckt all Käschten of, ausser, wéi och bei der In Vitro Behandlung, d'Medikamenter fir déi hormonell Stimulatioun vun den Eeërstäck.

*- Wéi vill Spezialisten fir In Vitro Behandlungen hu mir am Land?*

Am Service national PMA sinn 6 Dokteren (Gynäkologen) an der klinescher Reproduktiounsmedizin an 2 Dokteren (Labormediziner) an der Reproduktiounsbiologie spezialiséiert.

*- Gëtt eng eng Waardeléscht vu Leit, déi op déi Behandlunge waarden? Wa jo, wéi laang ass déi?*

Am Service national PMA, gëtt et därzäit keng Waardeléscht fir Patientinnen, déi mat hirer Behandlung wëllen ufänken. De wichtegste limitéierende Faktor ass den Zougang zu enger éischter Consultatioun : do ginn et Waardezäiten tëschent 2,5 a 4 Méint, jee no Dokter.

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez